

# SYN FER GIE

\*34

NOVEMBRE 2015

MAGAZINE RÉGIONAL D'INFORMATION ATERT-WARK

AUS DER REGIOUN

**CUBE 521**

OP DER SCHOCK

**KLIMAPAKT**

KOMM SPUER MAT

APÉRO CHANTIER

**DOGSITTER**

CROIX-ROUGE

MAISON DE L'EAU

**BIEKERECH**





## NOTRE SERVICE SALAIRE POUR VOUS FACILITER VOTRE QUOTIDIEN!

Calcul et traitement des salaires, avantages en nature et autres rémunérations

Déclarations fiscales et sociales

Tenue des livres de salaires et assistance lors du contrôle fiscal

Traitement des salaires à l'étranger

Tous traitements en relation avec le salaire (congés extraordinaires; chômage intempéries; déclarations ADEM; etc.)



14, Haaptstrooss · L-8720 Rippweiler · Tél.: 23 62 33-1 · [fiin@pt.lu](mailto:fiin@pt.lu)  
[www.fiduciaire-interregionale.lu](http://www.fiduciaire-interregionale.lu)

Secrétariat social · Comptabilité · Bilans · Déclarations fiscales · Conseil fiscal · Démarches administratives · Demandes de subventions · Traitement TVA internationale

### Chrëschtdag op der Buerg zu Useldeng

Freides, 11 Dezember 2015

18:00 Auer Ouverture

19:30 Auer Concert vun der Harmonie Useldeng an der Fanfare lewerieng

21:00 Auer Concert vun „Saxofolies“

Samsdes, 12 Dezember 2015

11:00 Auer Ouverture

12:00 Auer Gesang mat den Useldenger Schoukkanner

14:00 Auer Concert vum Jugendorchester vun der Harmonie Useldeng

16:00 Auer Concert Querflütten vun der Reiderer Musikschoul

Kräpperchersausstellung an der Kirsch - Hobbykünschtler

Dekoratiounartikelen fir Chrëschtdag

Jessen an Gedränks

Org. Kulturkommission mat de Veräiner aus der Gemeng



### À DÉCOUVRIR LE CHÂTEAU D'USELDANGE



### CIRCUIT DIDACTIQUE

ACCESSEBLE AUX PERSONNES HANDICAPÉES DE LA VUE.

PROJET-PILOTE DE L'UNESCO.

HEURES D'OUVERTURE: 8h30-19h00

RÉSERVATION: OBLIGATOIRE POUR VISITES GUIDÉES

(3 SEMAINES À L'AVANCE)

PARTICIPIANTS: MAX. 15 PRS / GROUPE

PRIX: ACCÈS GRATUIT - VISITE GUIDÉE: 50 € PAR GROUPE

CONTACT: TOM.LEHNERT@USELDENG.LU

TÉL.: 00352 23 63 00 51-26



# SOMMAIRE



CUBE 521  
Picknick - Kulturkontakte  
© Ellen Coenders

4 GEMENG BIEKERECH  
KRITT GOLD ZU LEIPZIG  
UM EEA FORUM!



6 DOGSITTING  
MUPPEPENSIOUN



8 AM AKLANG MAT  
SECH SELWER

10 EISEN SCHLÄSSER:  
BESENIUS FERRONNERIE  
D'ART & SAFETY CENTER  
VU MÄRZEG

12 ACCÈS OP  
D'GESELLSCHAFT:  
OP DER SCHOCK BAUT  
NEI WUNNSTRUKTUR  
ZU MÄRZEG



15 DON DE SANG À  
REDANGE/ATTERT



16 KLIMAPAKT-KAMPAGNE  
ECH ENGAGÉIERE MECH  
FIR MÉI KLIMASCHUTZ!

22 GEWÄSSERVERTRAG  
ATTERT  
BRENNNESSELKONFEKT  
EINE ÜBERRASCHUNG  
FÜR DIE FEIERTAGE



24 KOMM SPUE MAT  
APÉRO CHANTIER

26 CUBE 521



28 AGENDA

## IMPRESSUM

RÉDACTION, DIRECTION ARTISTIQUE,  
ILLUSTRATION, MISE EN PAGE &  
SUIVI DE PRODUCTION

Art & Wise s.à r.l.

EDITEUR RESPONSABLE

Art & Wise s.à r.l.

IMPRESSION

Imprimerie Centrale s.a. - Luxembourg  
Imprimé sur papier Circle Offset FSC  
100% recyclé

RENSEIGNEMENTS & RÉSERVATIONS

T +352 23 62 43-20 - F +352 23 62 43-29  
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

Prochaine parution: février 2016  
Clôture annonce: janvier 2016  
Tirage 12.719 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Groupe d'Action Locale Leader Redange, la Maison de l'Eau, le Syndicat Intercommunal du Réidener Kanton et l'Energieatelier a.s.b.l.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture  
de la Viticulture et de la  
Protection des consommateurs



Fonds européen agricole pour le développement rural:  
l'Europe investit dans les zones rurales.

... AN EISER REGIOUN

# GEMENG BIEKERECH KRITT GOLD ZU LEIPZIG UM EEA FORUM!

Den 3. November 2015 sinn 33 euro-päesch Gemengen, Stied a Regioune mam European Energy Award Gold ausgezeechent ginn. Et ass déi éischte Kéier dat am Kader vum Klimapakt 4 Gemengen aus Lëtzebuerg derbäi waren, dorënner och Biekerech, déi als eenzeg Gemeng zu Lëtzebuerg scho beim éischten Audit sämtlech Kritären erfëllt hat fir de "Gold"-Status ze kréien.



Et ass eng wichteg Auszeechnung déi beweist, dat d'Gemeng Biekerech och op europäeschem Niveau **Virreider an der Energiepolitik ass**, dozou den Buergermeeschter Thierry Lagoda:

*"D'Gold Zertifizierung ermeiglecht et eis fir der breeder Ëffentlechkeet ze presentéieren, wat hei zanter Joren un Efforte geleescht goufen an och wéi wichteg dës waren an och nach èmmer sinn."*

Scho 1997 huet d'Gemeng Biekerech en eegenen Energieplang opgestallt, a sech virgeholl Energieautark ze ginn. Deemno huet een hei scho fréi d'Roll vum Pionéier iwverholl a Saache Klimaschutz. Sou gouf 2004 vun enger Kooperativ vun 19 Bauren eng Biogasanlag opgeriicht, wou déi iwwerschësseg Hëltz iwwert ee kommunalt Fernwärmenetz aktuell ronn 200 Stéit



mat erneierbarem Energië versuergt. Eng communal Holzhackschnitzelanlag suergt zanter 2008 duerfir, datt de Bedarf u Wiermt aus lokalen Energieträger och fir d'Zukunft ofgeséchert ass. Donieft sinn op villen Diecher vun de kommunale Gebaier Photovoltaikanlagen installéiert ginn, an deenen d'Bierger investéiere konnte fir esou selwer erneierbar Energie produzéieren ze kënnen.

Kuckt een déi aktuell Situatioun vun der Energieversuergung am Land, da muss ee feststellen, dat nämmen 3.75% Energie aus erneierbare Quelle produzéiert gëtt. Dat ass am Verglach zu aneren europäesche Länner immens wéinag a bréngt d'Land op déi 2. läschte Plaz. Erkennt een och nach den Zesummenhang vu Migratioun a Klimawandel, da gëllt et keng Sekonn ze ver-

polveren an aktiv Klimaschutz ze bedreiwen.

D'Gemeng Biekerech huet op alle Fall seng Hausaufgabe gemaacht an ass och nach laang nitt fäerdeg. D'Ziel ass et nach èmmer 100% Energie-autark ze ginn. Donieft gi Mobilitéitskonzepter an Ugrëff geholl, wéi zum Beispill e Carsharing-Projet, gréng Start-Up's ginn ènnerstëtzzt duerch den Ekodaul-

Projet an eis d'Wësse gëtt iwwert dem Wee vun der Millen asbl un den "Energie-Tourismus" weidergeleet, eng Demande déi vu Joer zu Joer klëmmt (3.000 fir 2015!). Jo souguer Gruppen aus Peru, Südkorea an Indien hunn de Wee scho bei eis fonnt...

... AN EISER REGIOUN

# DOGSITTING MUPPEPENSIOUN

D'Jeannine vu Rëmmereg huet fréier fir eng Assurance geschafft. De Muppegeck huet iewer säi ganze Courage an de Grapp geholl, sech selbstänneg gemaacht a säin "Hobby" zum Beruff gemaacht.



**DOGSITTER.LU**  
Jeannine Gossen  
4, rue Kalkstecker  
L-8614 Reimberg  
[info@dogsitter.lu](mailto:info@dogsitter.lu)  
T +352 621 14 94 73  
[Facebook.com/dogsitter.lu](http://Facebook.com/dogsitter.lu)



**Pension pour chiens**  
**Promeneur de chiens**  
**Garde de chiens**  
**Toilettages de chiens**

## Beauty - Muppesalon

T'ass nach nitt sou laang hier, do koum d'Jeannine begeeschert vu Wien erém. Hat huet mat Erfolleg eng Formatioun gemaacht fir e Muppesalon kënnen ze bedreiwen. Elo ass all Rass hei häerzlech Wöllkomm, vum Kurzhaar-, iwver Rauhaar- bis bei de Langhaarhond. All Mupp kritt déi Fleeg, déi e brauch a selbstverständlech och esou wéi "d'Frauchen" oder den "Herrchen" sech dat wünscht. Bal all Coupe-Mupp ass méiglech soulaang et nitt der Gesondheet vum Mupp schued an et dem Déierchen och nitt ze vill Nerve kascht.

Bei Dogsitter.lu gëtt per Hand getrimmt, mat der Schéier geschnidden oder mat der Maschinn raséiert. Einfach Bueden a Föhnen ass och méiglech. De Mupp gëtt och nitt ugestréckt. D'Oueren an d'Patte gi gefleegt, an d'Fell kontrolléiert op Parasiten ewéi zum Beispill geféierlech Zecken a lästeg Fléih.

## Walking - Muppecrèche


Dir hutt am Dag keng Zäit fir no ärem Mupp ze kucken? Dir musst kuerzfristeg fort oder sidd krank? Kee Problem. Dogsitter.lu ass 7 Deeg an der Woch fir lech do fir de Mupp bei sech doheem ze versuergen. D'Jeaninne kënnt op Wonsch och de Mupp bei lech heem sichen. Wann et fir ass fir mam Hond tréppelen ze goën, dann an engem Émkrees vun 20 km vu Bierberech (Bettborn)/Réiden.



... AN EISER REGIOUN

# AM AKLANG MAT SECH SELWER

D'Nada Brahma Praxis zu Nidderpallen  
fir Klang an Energieheelung.



1991 huet d'Natalie "Nalu" De Lorenzi am jonken Alter säi ganzt Liewen émgekempelt. Ursach wor eng plétzlech Krankheet, eng mësslongen OP, 4 Deeg Koma an uschléissend e laange Wee voller Péng zréck op d'Been. Dës Erfahrung huet hat markéiert a motivéiert säi Liewe mat alle Sénner bewosst ze liewen. Säin éischte Schrott: Jobwiessel. D'villversprechend Carrière op der Bank huet hatt un dé Nol gehaang. Sozial Engagemerter, gesond Liewen, Yoga, Meditatioun a d'Heelkrafft duerch Energié stoungen luës a luës émmer méi am Mëttelpunkt vu sengem Liewen. D'Passioun gouf Berufung. Op senge sélleche Studiereesen duerch Indien, Laos, Thailand, Guatemala, Honduras an Ägypten esou wéi och op de reegelméissege zertifizierte Weiterbildungsseminären an Europa, huet d'Nalu an de leschten 20 Jore wärtvoll Erfahrunge gesammelt a sech spezialiséiert. 2009 huet hat seng Praxis fir Klang- an Energieheelung zu Graisch opgemaach an as virun 1 Joér mat hir op Nidderpallen geplénnert wou méi grouss Raimlégkeeten et him erlaaben och Ausbildung unzebidden. Doraus as entstan: Nada Brahma, Praxis an Schoul fir Klang an Energieheelung.

1. Ditzbierg  
L-8545 Niederpallen/Luxemburg  
T +352 26 61 02 59  
klangundenergie@gmail.com

## Problemer gi vu bis...

Bei d'Nalu komme Kanner, Teenager, Erwuessener. Kierperlech, emotional, mental a spirituell Problemer gi geléist. Dat geet vu Péng, Blockagen, Burn Out, Depressiounen iwver Krankheeten, Trauer bis bei d'Neientdeckung vum Liewenssénn. Egal wat de Client belaascht, t'geet net drëm d'Symptomer ze betäuben mä fir déi wichteg Harmonie am Kierper nees hierzestellen.

## Lauschtert op wat äre Kierper lech seet: "Reading"

Mir all sammelen am Laf vun de Joren Erfahrungen. Déi domat verbonnen Emotiounen ginn an eissem Energiefeld gespäichert a Strukturen, déi sech, zum Beispill als Blockade, Péng oder Depressioun bemierkbar maache kënnen. D'Nalu huet den Don fir dës Impulser opzehuelen, ze "liesen (reading), déi mat lech a Resonanz stinn an erkennt esou d'Strukturen, wou d'Energie verluer geet. Duerch gezielt Froen, sief et am biologeschen oder/am psychologesche Beräich, gëtt zesumme mam Klient d'Verbindung téscht de Symptomer an der Liewengeschicht detektéiert. No an no ginn d'Blockaden duerch reegelméisseg Behandlungen opgeléist. Dat funktionéiert andeems een déi mol fir d'éischte wouer - wëll heeschen an d'Bewosstsinn hëlt. Uschléissend liquidéiert een mat bewossten Otemübungen a

Klangschalenbehandlungen resp. Heelsätzungen (nom Dr. Eric Pearl) des "Onstëmmegkeeten".

## Klangschalenbehandlung

Eis Organer, Schanken, Tissuën esou wéi och verschidde Kiersystemer hunn all hir egee Resonanzfrequenz. Zesummen ergëtt dat eng villstëmmeg Harmonie. Wann déi awer gestéiert ass, nenne mir dat Krankheit. Klangschuelen hëllefen den Equiliber nees hierzestellen. Sie wierke präzis do wou se gebraucht ginn, op physeschem, emotionalem, mentalem oder op energeteschem Niveau.

Dem Nalu seng Klangschalentherapie ass mëttlerweil patentéiert an ass och als Ausbildung unerkannt ginn. Agesat gëtt se am Sozial- a Pflegeberäich. Nieft de Formationen ass hatt selwer och reegelméisseg a Weiderbildungscourses a lësst seng Kompetenzen all 2 Joer an Däitschland an der Dr Eric Pearl Institution préiwen. Selbstverständlech gëllt och bei him de Secret professionell. Och ze rekommendéieren: Mantra-Chanting, all éischte Samschäden am Mount. Fir e gesamten Iwwerbléck vum Nalu senger Offer ze kréien, gitt op de Site [www.klangschalen-therapie.lu](http://www.klangschalen-therapie.lu). Hei fannt Dir detailliéiert Informationen, Videoen, Tariffer (Beki Wëllkomm) esou wéi och wëssenschaftlech Analysen. Namasté.



... AN EISER REGIOUN

# EISEN SCHLÄSSER: BESENIUS FERRONNERIE D'ART & SAFETY CENTER VU MÄERZEG



**besenius**  
ferronnerie d'art

FERRONNERIE D'ART BESENİUS s.à r.l.  
1, Zone Industrielle - L-9166 Mertzig  
T +352 88 81 10 - 1  
info@besenius.lu  
www.besenius.lu

**besenius**  
safety center

BESENİUS SAFETY-CENTER s.à r.l.  
4, Zone Industrielle - L-9166 Mertzig  
T Nord +352 88 80 84  
T Centre +352 44 73 28  
depannage@besenius.lu

De Familljebetrib Besenius vu Mäerzeg kuckt houfreg op 7 Generatiounen am Betrib zréck. Ugefaangen huet alles 1825 zu Feelen mam Hubert Besenius. Den deemolege Schmatt huet et färerde bruecht fir seng Passioun un d'Bouwen z'iwwerdroën. An dat ass bis haut nitt anescht. Obwuel de Jeff Besenius, haitege Patron vu Besenius Ferronnerie d'Art, Besenius Safety Center a Besenius Portails et Clôtures, sech am Ufank vu senger Carrière net ganz sécher wor, op hien am Papp sengem Betrib wéilt Fouffaassen: "Ech hu fir Ingenieur geléiert. Emol färerde mat der Schoul, hunn ech geleeëntlech am Betrib eng Hand matugepaakt, egal op an der Schmëtt, am Büro,

am Zeechenatelier oder soss wou Nout um Mann wor. Ier ech mech émkuckt hat, wor ech awer voll dran. Spéitstens wéi ech mäin éischten elektreschen Zyylinder am Grapp hat, eng Technologie déi mech enorm begeeschtert, hunn ech mäin Dada am Betrib fonnt a mech komplett an de Service vum moderne Schlésseldéngscht erageschafft." Och sái méi jonke Brudder Lex, de Kënschtler vun der Famill, huet seng Plaz am Betrib fonnt, a kreéiert leidenschaftlech Objeten aus Eisen an der Schmëtt. Dat geet vu Gelänner, déi op Wonsch realiséiert ginn, iwwer Restauratiounsaarbechte bis hin zur Émsetzung vun Eisesculpturen, déi Kënschtler hei an Optrag ginn. Gekëmmert gëtt sech awer och ém d'Zesummenaerbecht mat den Architekten an den Innenarchitekten fir héichmodern Stol-konstruktiounen, Gelänner, Trapen an Diren. De Papp Eloi Besenius (De Numm kënnnt vum hellegen Eligius, Schutzpatréiner vum Schmatt) ass wuel an der Pensioun an awer nitt aus der Schmëtt ewechzedenden. Et erkennt een e séier erém. Hien ass émmer a Begleedung vum Mupp "Taff", och Member vun der Famill. Sou gëtt hei zesummen un engem Strang gezunn an de Beruff a vollen Zich gelieft.

## Zukunftsplanung

Nodeems dem Jeff Besenius seng Plaz am Betrib fonnt hat an de Schlésseldéngscht relativ séier 50% vum gesamte Chiffre d'Affaire ausgemaacht huet, gouf et Zäit fir sech Gedanken iwwert d'Zukunft vu Besenius Ferronnerie d'Art ze maachen. Mécht ee sech selbstänneg mam Schlésseldéngscht? Iwwerhält een de ganze Betrib? De Jeff huet sech du Vertrauns-partner mat an d'Boot geholl, de Pfeiffer Marc an de Goerens Alain, en ale Spillschoulskolleg, deen och direkt nom Ofschloss bei Besenius schaffe koum. Zu 3 ass dunn 2009 de Besenius Safety Center gegrënnt ginn. E Winning Team. 2011 ass dunn dem Papp sái Betrib, Besenius Ferronnerie d'Art, mat iwwerholl ginn. Haut huet een d'Bestätigung, dat een dee richtege Wee gaangen ass an och déi richteg Leit beieneen huet. D'Iddie stëmmen, d'Emstetzunge lafe problemlos – an d'Clienten sinn zefridden. Mëttlerweil fénnt een d'Schilmëtt, deemno d'Besenius Ferronnerie d'Art, op der selwechter Adress zu Mäerzeg op der Haaptstrooss, an de Besenius Safety Center, d'Schlässerei, e puer Meter weider erop, eran an der Zone Industrielle mat engem interessante Showroom, engem Atelier, wou d'Schlässer an d'Schlësselen selwer zesummegebaut ginn, mat engem Dépannage-déngscht dee 7 Deeg op 7 fir lech do ass.



## Ferronnerie d'art Besenius

Fondée en 1825 par Hubert Besenius,  
actuellement représentée par les  
frères Jeff et Lex Besenius.

Parfaite maîtrise des techniques an-  
ciennes de forge et de restauration.

Les services s'adressent aussi bien à  
des particuliers qu'à des entreprises  
et des entités publiques.

La ferronnerie peut se prévaloir de  
ses nombreuses collaborations avec  
des architectes de renommée, au  
Luxembourg et à l'étranger.

## Besenius Safety Center

30 ans d'expérience en matière de  
dispositifs de fermeture de qualité.

Depuis 1986, un service de dépan-  
nage serrurerie est proposé.

Fabrication sur mesure de cylindres  
uncléf, rapidité et flexibilité des in-  
terventions.

Équipements de sécurité stan-  
dard et systèmes anti-effraction:  
contrôle d'accès, cylindres sécurité  
à fermeture hiérarchique, serrures  
électromécaniques, portes de se-  
cours, portes coupe-feu, armoires et  
coffres de sécurité, motorisations de  
portes et de portails, clôtures...

... AN EISER REGIOUN

# ACCÈS OP D'GESELLSCHAFT: OP DER SCHOCK BAUT NEI WUNNSTRUKTUR ZU MÄERZEG



## *Op der Schock*

OP DER SCHOCK ASBL ET SC  
34a, Route de Reichlange | L-8508 Redange  
T +352 26 62 93-1 | [info@ods.lu](mailto:info@ods.lu)  
[www.ods.lu](http://www.ods.lu) | [facebook.com/opderschock](http://facebook.com/opderschock)



**Zesumme**  
gi mir méi wäit

Iwwert 1 Milliard Leit (ongeféier 15% vun der Mënschheet) liewen mat enger Form vun Behënnerung<sup>1</sup>. Mënsche mat engem Handicap begéinen am Alldag vill Barrièren. Dén Barrièren kënne vill verschidde Formen unhuelen: dat kann den Trottoir sinn deen net mam Rollstull befuerbar ass oder ee komplizéiert geschriwwenen Aarbeitskontrakt fir een deen eng Lernschwäche huet. D'Resultat vun dëse Barrièren ass datt Mënsche mat enger Behënnerung net dee selwechten Accès hunn op d' Gesellschaft. Aus Erfahrung wësste mir awer, datt wann dës Barrièren verschwannen, a Mënsche mat Behënnerung

gestärkt gi fir ganzheetlech un der Gesellschaft deel ze huelen, di ganz Gesellschaft Benefice aus dëser Inklusioun zitt. Eng inklusiv Gesellschaft déi op ass fir jidderen, ass ee wichtegen a néidege Bestanddeel vum Progrès vun eis all.

"D'Convention relative aux droits des personnes handicapées" ass eng international Convention vun der UNO, déi 2011 hei zu Lëtzebuerg ratifiziéiert gin ass<sup>2</sup>. Dës Conventioun huet d'Ziel fir d'Dignitéit, d'Gläichberechtigung virum Gesetz, d'Mënscherechter an di fundamental Fräiheete vun de Mënsche mat Behënnerung ze promouvéieren an ze beschützen.

Dozou gehéiert och datt een sech een eegent Doheem an engem Duerf oder an enger Stad ka maachen. Op sech alleng gestallt sinn an alleng ze wunnen, dat ass awer net eppes wat jiddereen onbedingt esou kann. Besonnesch Mënsche mat enger geeschteger Behënnerung brauchen Ënnerstëtzung fir ausserhalb vun hirer Famill ze liewen.

An dësem Esprit ass d'ASBL OP DER SCHOCK am gaangen eng Wunnstruktur fir Leit mat geeschteger Behënnerung zu Mäerzeg ze bauen. Ziel vun dëser Organisatioun ass ét d'Liewensqualitéit vu Mënsche mat geeschteger Behënnerung ze verbesseren, an hir professionell a

sozial Integratioun z'ënnerstëzzen. Um professionelle Plang bidd d'Organisatioun een Atelier Protégé un, wou Leit enger regelméiseger a bezuelter Aarbecht no gin, an eng Formatounsstruktur fir sech sozial a professionell Kompetenzen unzeegenen. D'Leit am Atelier an an der Formatounsstruktur sinn an de Beräicher Jardinage, Décoratioun a Restauratioun täeg. Ausserdem bidd d'Organisatioun e Service d'Activités de Jour an e Fräizäit Service un.

D'Wunnstruktur déi de Moment réalisier gëtt, ass ee weidert Stéck an der Palette vun Servicer fir Mënsche mat geeschteger Behënnerung. Hei können 23 Leit sech permanent een Doheem maachen an et stinn och 2 Vakanzebetter zur Verfügung. De Projet ass lancéiert ginn op Basis vun der Demande vu Mënschen, déi momentan scho vun der Organisation betreit ginn, an ass deemno d'Äntwert op ee konkrete Besoin an der Région... Deemno sinn d'Plazen an der Wunnstruktur schonns all besat an d'Architektur an d'Ariichtung vum Gebai konnt op d'Besoin'en vun de Resident'en ofgestëmmt ginn. D'Erëffnung ass fir d'Fréijoer 2016 geplant.

D'Wunnstruktur besteht aus zwee Gebaier déi mat enger Passerell verbonne sinn. An all Gebai sinn zwee Studioe wou 1 oder 2 Persounen können méi autonome



Nicole Fisch, Martine Weber - Op der Schock © Fondation de Luxembourg et l'Œuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte

liewen, an sinn eventuell och fir Koppelen geduecht. Zousätzlech ass an all Gebai eng Wunngrupp vun 8 bis 10 Leit, déi 24 Stonnen op 24 betreit gin. Di 4 Openhaltsräim (Kichen, Salle-à-manger, Fernseh-Eck, Stiffchen) an eng Terrass ginn de Résident'en vill Méiglechkeet sech hir Fráizait ofwiesseln an zedeelen. Och hei wäert gestridde ginn wat op der Telé gekuckt gëtt oder ween d'Spiller net an de Schaf geraumt huet; et wäert gutt gelaacht, zesumme gekacht a gespultt ginn. Heiansdo mat méi, heiansdo mol mat manner Hëllef. Hei wäert jiddereen eng Roll ze spiller hunn an sengem Wunngrupp, a jiddereen wäert eppes bääzedroen ze hunn zu senger Liewensgemeinschaft.

D'Resident'en bezuelen hire Pensiounspräis esou wéi mir eise Loyer, oder eise Prêt. De Projet gëtt an enker Zesummemaarbecht mam Familjeministère geplant a réalisiert. De Bau vun der Wunnstruktur kascht ém di 5,5 Milliouen Euros, an ass zu 70% vum Staat cofinanzierert an zu 30% duerch eege Mëttel vun der Organisatioun. D'ASBL konnt ronn 1 Millioun Euros direkt bäädroen, de Rescht ass iwwer ee Prêt finanzierert. All finanziellen Ofbau vun dësem Prêt erlëichtert der Associatioun hir Aarbecht. Wann Dir d'Aarbecht vun OP DER SCHOCK wëllt énnerstëtzen, da kënnt Dir dat mat engem Don op de Konto IBAN LU34 0090 0000 4025 0607 [CCRA] vun der Asbl Op der Schock maachen.

Ween d'Organisatioun well besser kenneléieren, dee ka profitéieren fir den 28. November op Réiden

op den Adventsverkaf ze goen. Hei gëtt ee gemeinsamt Mëttagessen proposéiert an d'Artikelen déi an den Atelieren a Servicer produzéiert ginn kënnen am Buttek entdeckt ginn. Weider Informatiounen iwwert d'Organisatioun, de Kalenner an den Adventsverkaf fannt Dir um Site [www.ods.lu](http://www.ods.lu).

1&2 Source: [www.un.org](http://www.un.org)



Dir kënnt de Projet Wunnstruktur awer och énnerstëtze mam Kaf vum Kalenner "De Réidener Kanton 2016" mat Fotoe vum André Bauler (15 Euro). De Kalenner ass ze kréien am Buttek vun der Organisatioun zu Réiden, oder och an de Bäckereie Jos & Jean-Marie am Préizerdaul an zu Rammeref, an dem Coiffeurs Salon Beauty Case zu Bauschelt oder duerch Iwwerweise vu 15 Euro op de Kont vun der Asbl Op der Schock mam Vermierk "Kalenner 2016" Konto **IBAN LU34 0090 0000 4025 0607** [CCRA].

## Op der Schock

*Samschdes den  
28.11.2015*

Mir invitierien ganz häerzlech op eisen  
**ADVENTSVERKAF**

Adventskränz an Dekoartikelen, Keramik a Käerzen, Arrangementer  
 Schnëttblummen a vill Leckeréien aus eiser Kichen

UM MENU DËST JOER

A) Wëld mat Dessert (17,50 Euros) Oder B) Paschtéit mat Dessert (16 Euros)

De ganzen Dag iwwer: Énnenzopp, Gulaschzopp, Wirschtche mat Sauerkraut  
 Kaffisstuff, Glühwäin, Käschten

UMELLEN FIR D'IESSEN KËNN DIR IECH BIS DEN 24. NOVEMBER

Tel.: 26 62 93 -1 Mail: [info@ods.lu](mailto:info@ods.lu)

EISE BUTTEK ASS OP

Méindes bis Freides: 8 bis 12 Auer an 13 bis 17 Auer

34a route de Reichlange, L-8508 Redange-sur-Attert  
[www.ods.lu](http://www.ods.lu)



© Charlotte Reuter

## Op der Schock

OP DER SCHOCK ASBL ET SC  
 34a, Route de Reichlange | L-8508 Redange  
 T +352 26 62 93-1 | [info@ods.lu](mailto:info@ods.lu)  
[www.ods.lu](http://www.ods.lu) | [facebook.com/opderschock](http://facebook.com/opderschock)



**Zesumme**  
*gi mir méi wäit*

CROIX-ROUGE LUXEMBOURGEOISE

# DON DE SANG À REDANGE/ATTERT

Le Centre de Transfusion de la Croix Rouge Luxembourgeoise pour une collecte de sang à intervalles réguliers se situe à Redange (13, Grand-Rue)

**Vous êtes déjà donneur  
de sang?**

Vous désirez un renseignement  
sur nos collectes?

Vous désirez changer de lieu  
de collecte?

Contactez notre service  
"gestion des donneurs":

Tél.: 45 05 05-264 ou 45 05 05-277

ou par mail

don-du-sang@croix-rouge.lu

**Vous n'êtes pas encore  
donneur de sang?**

Vous avez entre 18-60 ans?  
Vous êtes en bonne santé?

Vous voulez être donneur de sang?

Contactez notre secrétariat pour  
prendre un premier rendez-vous:

Tél.: 45 05 05-230

ou par mail

transfusion.secretariat@croix-rouge.lu



Les renseignements généraux sur le don de sang peuvent être consultés sur le site internet [www.croix-rouge.lu/sauvez-une-vie](http://www.croix-rouge.lu/sauvez-une-vie)



KLIMAPAKT-KAMPAGNE

# ECH ENGAGÉIERE MECH FIR MÉI KLIMASCHUTZ!

Fir des Ausgab si mir engagéierte Klimaschützer aus der Gemeng Rammerich begéint, déi eis verroden hu, wat si maachen fir d'Klima an d'Emwelt ze schützen.



## TONI RODESCH

Buergermeeschter a Member vum Rammericher Klimateam

### Um Vélo genéisst een d'Natur am meeschten!

*Den Toni fiert zénter 25 Joer mam Josée, senger Fra, Vélo an der Vakanz. Si hu sou scho vill wonnerschéin Regiounen a Vélosweeér an Europa entdeckt, wéi zum Beispill den Donau-Radweg vu Wien op Budapest, den Elbe-Radweg vu Wittenberg op Dresden, de Mosel-Rad-Weg bis op Koblenz, de Lubéron, d'Bretagne, de Südtirol an d'Belsch Plage. Den Toni ass souguer scho mam Vélo a 9 Deeg vu Metz op d'Côte d'Azur gefuer.*

#### *Wou wor Dir dëse Summer mam Vélo énnerwee?*

Dëse Summer wore mir op der EuroVeloRoute 6 laanscht d'Loire a Frankräich énnerwee. D'Euro-VeloRouten verlafen duerch ganz Europa vu Norde bis Süden a vun Oste bis Westen a sinn duerchgehend ausgeschéldert (fir méi Info: [www.eurovelo.org](http://www.eurovelo.org)). De Véloswee laanscht d'Loire ass landschaftlech immens schéin. Well den éischten Deel an Zentral-Frankräich net sou touristesch ausgebaut ass, muss een awer gutt équipiert sinn, soss riskiéiert ee mol eng Kéier kee Mëttegiessen ze fannen. De westlechen Deel zum Atlantik hin huet awer immens gutt touristesch Infrastrukturen, do erhéngert ee sécherlech net!

#### *Wat gefällt lech sou gutt un de Vélos-Vakanzen?*

Ech fanne Vélos-Vakanze sou flott, well een dauernd an der Natur an an der frëscher Loft ass. Dat sinn ideal Konditiounen fir kënnen ofzeschalten. Um Vélo erlieft een d'Landschaft och ganz anescht wéi am Auto. D'Vitesse um Vélo, zumindest wann ee sou wéi mir ouni Stress fiert, ass perfekt fir d'Natur an d'Landschafte richteg kennen op sech awierken ze loossen. Och wa mir pro Daach eng 80 bis 90 Kilometer fueren, sëtze mir eis net énner Droch a gi villes énnerwee kucken. Mir ginn och gäre wanderen, mee um Vélo ass ee vun der Distanz hier net sou begrenzt.

#### *Wat fir ee Message hu Dir fir d'Lieser vun der Synergie?*

Et ass wierklech derwäert Vélo zu fueren. Och bei eis am Land ginn et immens flott Vélopisten. Hei an der Gemeng si mir derbäi zwou Pisten an den nächste Joren auszubauen: di éischt vun Rammerich op Kietscht an di zweet vun Kietscht iwwer Ueschdref op Énsber.

Wann ee mam Vélo an der Vakanz énnerwee ass, soll een awer net vergiessen d'Liewen ze genéissen! Ech fannen et soll een di lokal Spezialitéiten probéieren, sech d'Dierfer an d'Stied ukucken an net just strampelen a sech vu Müsli-Riegel-chen ernähren!

**Ech fanne Vélos-Vakanze sou flott, well een dauernd an der Natur an an der frëscher Loft ass. Dat sinn ideal Konditiounen fir kënnen ofzeschalten. Um Vélo erlieft een d'Landschaft och ganz anescht wéi am Auto.**

#### *Verrot Dir eis nach äre nächste Projet?*

Dee Projet, deen ech nach virun An hunn, ass fir vun hei op de Bodensee ze fueren.



## SYVLIE, FONS, NORA & DELPHINE JACQUES

*De Fons ass de Gestionnaire vun Leader Atert-Wark  
an d'Sylvie ass Ernährungsberoderin.*

### Am léiwsten aus der Regioun!

*D'Famill Jacques produzéiert hier eegen Energie. Als Ausgläich zu senger Bürosarbecht, fält et dem Fons net schwéier vill vu senge Samschdeger am Bësch ze verbréngen a Brennholz ze maachen.*

*Der Famill Jacques hiren Dram ass eng Regioun, déi villes selwer produzéiert, also zu engem méiglechst groussen Deel Selbstversorger ass.*

#### *Wat produzéiert Dir alles selwer?*

Wéi eise Scheierdaach nei gemat ginn ass, hu mir décidéiert eng Photovoltaik-Anlag ze installéieren, déi wäit méi Strom produzéiert wéi mir selwer brauchen. Wann ech moies op d'Aarbecht fueren, gesinn ech émmer Cattenom. Ech muss soen, et ass sécherlech méi berouegent eisen eegenen Strom ze produzéieren, wéi mussen op Atomstrom zéckzegräifen.

Well mir wölle, dass méi Strom bei eis an der Regioun produzéiert gëtt, bedelege mir eis och zénter engem Joer bei der gemeinschaftlecher Solaranlag vun der Gemeng Rammerich.

Eis Famill huet vill Louhecken a well mir net wollten, dass dat Holz einfach verrott, hu mir eng Scheetholzheizung installéiert. Ech hunn de "Waldführerschein" gemat a si zhanter och ee richtegen "Holzfäller" ginn.

E Bongert ass ugeplant ginn mat der Iddi eis iwver d'Joer mat eisem eegene pestizidfräiem Uebst anzedekken. Mir verschaffen dann een Deel och zu Gebeess, Kompotten an "Agemaatem". E klenge Geméisgaart mat Kraiderspiral liwwert eis e puer frësch Liewensmëttel. Mir versichen esou vill wéi méiglech onbehandelt (biologesch) Produkter ze verschaffen. Duerfir begréisse mir och d'Initiativ vun der regionaler Kooperativ "Vun der Atert" (cf lëscht Synergie). Mir freeën eis dorops.

#### *Dir benotzt och bestëmmt de Beki fir eis Regioun ze stäerken?*

Wann ee weess, dass 80% vun den Euro'en mat deenen hei bezuelt gëtt, eis Regioun direkt verloossen, mécht de Beki einfach Senn. De Beki wiesselt

éummerhin 5 bis 6 mol an der Regioun de Besëtzer iert en an Euro zeréck getosch gëtt.

De Beki behält d'Wirtschaftskrafft an der Regioun an séchert sou d'Aarbechtsplazien hei. Mir wölle jo nüt, dass all eis Dierfer just nach Dortoire sinn an di allermeeschten Awunner ausserhalb vun der Regioun schaffen.

**Mir solle versichen d'Potenzialer vun der Regioun optimal ze notzen a méi regional ze produzéieren.**

**Loosst eis zesummen eise Kanton zu engem "staarke Stéck Westen" opbauen a méi onofhängeg vu baussen ginn!**

#### *Wat wölle Dir de Lieser vun der Synergie nach matdeelen?*

Mir fannen, dass de Kanton Réiden eng wierklech lievenswert Regioun ass: et ginn vill flott Initiativen, déi de Bierger hëlfelen eng méi nohalteg Liewensweis anzeschloen an di vill kleng a mëttelstänneg Betriber sinn definitiv och eng Stäärkt vun eiser Regioun. Mir solle versichen d'Potenzialer vun der Regioun optimal ze notzen a méi regional ze produzéieren.

Loosst eis zesummen eise Kanton zu engem "staarke Stéck Westen" opbauen a méi onofhängeg vu baussen ginn!



## DANIEL BOURGEOIS

Den Daniel Bourgeois ass Expert / Formateur am Beräich Nohaltegt Bauen um IFSB (Institut de Formation Sectoriel du Bâtiment).

### Nohalteg Bauen ass net némme gutt fir eis Äerd, mee och fir eis Gesondheet!

Den Daniel Bourgeois interesséiert sech bei der Renovation vun alen Haiser a beim Bau vu neien Haiser net némmen un der Physik vum Haus, mee och un der Gesondheet vum Mënsch. Hee setzt sech zhanter laangem an fir ee méi nohaltegt an ekologesch Bauen hei am Land.

#### Daniel, wat denkt Dir vun der aktueller Entvécklung am Bau?

Et ass ganz luewenswäert, dass Lëtzebuerg sech sou drugétt fir héich Energie-Standards am Bau vu neien Haiser a Gebaier ze

fuerderen. Mir wäerten 2017 dat éisch Land an der EU sinn, wou Passiv-Standard am Neibau obligatoresch ass. Dat heescht et däerf een vun 2017 un näischt neies bauen wat net Passiv-Standard

ass. All neit Haus muss dann eng Lüftungsanlag hunn, sou wéi eng déck Isolatioun. A punkto Energieverbrauch sti mir da ganz gutt do, wann d'Haus bis fäerdegt ass.

Wat mir awer an déser ganzer Entvécklung feelt, ass d'Berücksichtigung vun eiser Gesondheet. Bei der Saneierung vun aalen Haiser gëtt vill Styropor als Dämmstoff benutzt. Mir hunn domat vlächt de Problem vun der Energie geléist, mee et ka ganz gutt sinn, dass mir dann op vill nei Problemer stousse wéi z.B. dass mir dem Schimmel am Haus net lass ginn, dass mir krank ginn an dass de ganze Styropor spéider een Entsorgungsproblem ass.

Di ganz Fro vun der groer Energie, dat heescht déi Energie déi neidegt ass fir di ganz Bau-Materialien hierzestellen an ze transportéieren, gëtt oft net mat an der Energiebilanz berücksichtegt. Di héich Käschte vum Entretien (Lüftungsanlag, Puits canadien,...) vu Passiv-Haiser ginn och oft am Ufank vergießt.

#### Wat proposéiert Dir als Alternativ?

Ech soen net dass alles schlecht ass, mee ech setze mech dofir an, dass mir rëm méi Respekt virum Bau kréien. Wa mir eng déck Schicht Styropor op eis Äussewänn pechen, doe mir eisem Aalbau wéi. Mir müssen fir d'éisch eng Analyse vun eisem Haus maachen fir ze kucken wat fir Materialien de Bau verdréit. Natierlech muss och gekuckt ginn wéi d'Liewensgewunnechten

vun de Leit sinn, fir dass se sech herno wuel llen an hirem Haus. Schliisslech bezuelen se dat jo oft 30 Joer laang of.

**D'Fro, déi mir eis musse stellen ass:**

**Wat brauche mir wierklech fir glécklech liewen ze können?**

**Wat sinn eis reell Bedierfnisser?**

**Ass een Haus vun 300 m<sup>2</sup> wierklech neideg?**

Mir hunn de Moment een enormen Ressourcen-Verbrauch op eiser Äerd, besonnesch am Bau verschlénge mir enorm Quantitéiten u guddem Buedem, Mineralien an Energie. D'Fro, déi mir eis musse stellen ass: wat brauche mir wierklech fir glécklech liewen ze können? Wat sinn eis reell Bedierfnisser? Ass een Haus vun 300 m<sup>2</sup> wierklech neideg? Mir müssen vill méi mat der Natur am Plaz géint Natur bauen a liewen. Eng universell Kreeslaafwirtschaft müsse mer och onbedengt erreechen. Mir müssen de Wäert vun eise Ressourcen rëm schätze léieren.

Loosst eis dése Wiessel fräiwölleg a geplangt ugoen, iert mer en iergendwann vun den onerbittlechen Natur-Gesetzer operzwonige kréien.

## PATRICK FRANÇOIS

### Bio-Landwirt aus Iwwerzeegung

De Patrick, 31 Joer, huet virun 5 Joer den Haff vu sengem Papp iwverholl. Hien huet eng 80 Béisichten déi hien no de Richtlinnen vun der biologescher Landwirtschaft hält. De Patrick huet kierzlech op der Foire agricole den Bio-Agrar-Préis 2015 gewonne fir seng selver gebauten Dréschnungsanlag fir Kären an Hee, déi d'Qualitéit vum Fudder verbessert. Des Anlag leeft iwwert eng Stéckholz-Heizung, déi de ganzen Haff versuergt.

**Dat wat Béisichten vu Chemikalien oder Medikamenter zou sech huelen, ésst ee Konsument am Fleesch mat.**

**Mir wölle gesond Fleesch hierstellen an eis Béisichten sollen ee gutt Liewen hunn.**





## MARC, MILA A LEN NEU & ANNICK MAJERUS

De Marc ass den Energieberoder vum Réidener EnergieAtelier a Präsident vum BEKI.

### Selwer een 170-Joer alt Haus ekologesch renovéiert!

D'Famill Neu-Majerus huet virun 5 Joer een 170-Joer aalt Haus zu Hueschert kaf, dat si zhanterdeems am gaange sinn gréissendeels selwer mat ekologesche Materialien ze renovéieren.

#### Wat hu Dir schonn alles um Haus renovéiert?

Ugefaang hu mer mam Daach. Deen Aalen hu mir ofmontéiert an dee neien Daach mat Zellulose an enger 3,5 cm Holzfaser-Plack isoléiert, béisst sinn ekologesch Materialien, an am Summer gutt géint d'Hétzt. Mir hunn di aal sténkeg Masuttsheizung raus gehäit a mat enger Pelletsheizung

an enger thermescher Solaranlag (Waarmwaasser mat Heizungsenerstättzung) ersat.

D'Fassade zur Strooss hin hu mir selwer vu bannen isoléiert mat 6 cm Holzfaser-Placken an duerno hu mir ee Lehmbotz drop gemat. Di aner Mauerer si vu baussen mat 12 cm Holzfaser an engem Mineralbotz isoléiert ginn. Mir krute nei Holzféns-

#### Patrick, wat heescht "biologesch Fleeschvái-Haltung"?

D'Fudder fir meng Déieren, also de Silo an d'Hee, produzéieren ech selwer komplett ouni Spréitzmëtteleen. Ech benotzen kee chemeschen Dünger wéi z.B. Kalgamon, mee némme meng euge Mësch. Fir Stéckstoff an de Buedem ze kréien, séinen ech Leguminosen (Kléi, lertsen, Lupinen,...). Des hunn Knöllchenbakterien un de Wuerzelen, déi de Stéckstoff aus der Loft ophuelen an am Buedem späicherren fir deene nofolgende Planzen (Weess a Geescht) zur Verfügung ze stoen. Zwéschen de Wanter- a Summerkulturen séinen ech eng

Zwéschefruucht (Moschert, Ölrettich, Huewer,...) déi organeschen Dünger un de Buedem ofgött wann se am Wanter ooffréiert.

Ech versiche sou man wéi méiglech Medikamenten ze benotzen. A wann ech der benotzen, muss ee bei der Bio-Landwirtschaft duebel sou laang waarden iert d'Béisicht geschluecht gëtt. Sou hunn d'Medikamenten méi Zäit sech am Kierper ofzebauen. Meng Déieren hunn iwwer d'ganzt Joer Fräilaf op d'weed. Am Stall stinn se all op Stréi, net op Spalten well dat féiert heefeg zu Verletzungen. Et ass mir wichteg, dass meng Déieren sech wuel llen.

**Aalbau-Sanéierung ass net eenzeg an eleng eng Fro vu finanzieller Rentabilitéit. Liewensqualitéit am Respekt mat der Natur ass dach d'Ziel. D'Geld ass just e Méttel fir dohinner.**

teren mat 3-fach Verglasung agesat an et ass eng 8000 Liter Reewaasser-Anlag installéiert ginn. Well mir och eisen eegene Stroum produzéieren wollten hu mir eng 4 kWp Photovoltaik-Anlag neift eis thermesch Solaranlag leeë gelooss.

**Do ass jo vill geschafft ginn an den leschten Joren! Firwat hu Dir ausschlüsslech ekologesch Materialien bei ärer Renovationen benotzt?**

Mir wëllen eise Kanner ee méiglechst gesond Ëmfeld bidden. Et ass jo gewosst, dass vill konventionell Materialien mat Chemikalien trai-téiert sinn, déi an den heitegen loftdichten an gutt isoléierten Haiser net méi sou einfach rauskommen a mir se dann an eise Kierper ophuelen. Natierlech hunn di ekologesch Materialien och kee schiedlechen Impakt op eis Ëmwelt.

**Hu Dir een Ënnerscheid gemierkt no der Sanéierung?**

Wéi ech no der Isolatioun vum Daach opgestan sinn, hunn ech gemierkt, dass eppes anesch wier, mee ech wosst awer net direkt wat. Réischte no e puer Minute wosst ech et: et war op eemol iwverall waarm am Haus a net méi just onmöttelbar neift dem Heizkierper. Zénter der Isolatioun vun der Fassad kréie mir d'Buedzémmere och am Wanter waarm. A mat der 3-fach-Verglasung ass et vill méi roueg an de Schlofkkummeren.

**Wat géing Dir d'nächste Kéier definitiv d'selwecht man, wat géing Dir anesch man?**

Folgendes géinge mer d'selwecht man: d'Pelletsheizung mat der thermescher Solaranlag, d'Photovoltaik, d'Reewaasseranlag, d'Innen-dämmung an d'Fassadendämmung, de Lehmbotz, den Daach mat Zellulosedämmung a mat Betriber aus dem Eck schaffen.

Wat géinge mir anesch man? Mir géingen eventuell eng Wandhei-zung abauen an Holzfénsteren mat baussen Alu.

